

Wéi gutt geet et eisem Football wierklech ?

vum Pilo Fonck



Um rezenten FLF-Kongress (de 17. November 2012), deen all Joer gewässer-moossen d'Houmass vum Lëtzebuenger Football ass, huet de President Pol Philipp, wéi gewinnt, de Mikro monopoliséiert, fir de gréisste lëtzebuenger Sportsverband a beschtméiglechtem Liicht virzestellen, ouni datt kaum een et wot, him ze widderspriechen...

Op der ernimmter Generalversammlung krut den omnipräsenten FLF-Boss allerdéngs vu sengem Sportminister Romain Schneider d>Show gestuel. Am Numm vun der Regierung huet den zoustännege Ressortminister déi jorelaang, mat Ongedold erwaarte Nouvelle bruecht, datt et elo endlech eppes aus dem nationale Footballstadion gëtt, oder sollt ee virsiichteg nach soen, ze gi schéngt. Bei deem gudde Message huet dach awer d'Prezisioun iwwerrascht, datt net méi de staateleche 'Plang A' (zu Léiwéng) ëmgesat soll ginn, fir deen et jo eng parlamentaresch Motioun gouf, mee de 'Plang B'! An anere Wieder, de Stade Josy Barthel op der Areler Strooss soll (als renger Footballstadion, ouni Liichtathletikpist ronderëm) renovéiert ginn! Bei deeër Nouvelle huet esouguer de Stater Buergermeeschter Xavier Bettel applaudéiert a gemengt, dat wier déi gescheitst Léisung!

Ech ka perséinlech ganz gutt domat liewen, sinn awer an deem Fall der Usiicht, datt dee renovéierte Stadion da scho laang fäerdeg kënnt sinn, wann net vru fënnef Joer d'Gemeng Lëtzebuerg...dergéint gewiescht wier! Deemools huet et vum Schäfferot (Helminger, Basseur, Bettel a.s.v.) geheescht, Stadion, Pompjeeskasär an Hygienendéngscht géifen eng Kéier ofgerappt ginn an amplaz kéim e grouse Geschäftszenter. An deem Kontext war d'Sportsschäffin Anne Basseur an engem Interview mam 'T' de 16. Juli 2008 formell: „**Auf lange Sicht ist es ganz klar, dass an der Arloner Strasse kein Fussball mehr gespielt werden wird**“.

Well nëmmen déi Domm hir Meenung ni änneren, soll dann elo de Josy Barthel frësch gemaach ginn. Ob déi Renovatioun méi bëlleg gëtt, wéi en

neie Stadion; wéi se ausgesi soll, wéini dermat ugefaange gëtt, bleibt ofzewaarden. „**Entscheidungen sind noch keine gefallen. Auch nicht, ob es ein reines Fussballstadion wird, oder ob die Laufbahn erhalten wird**“ huet, erstaunlecherweis, de Sportsminister nach d'lescht Woch (5.Dezember 2012) am 'Wort' bemierkt.

Et kann een dofir nëmme wënschen, datt séier Decisioune geholl ginn, besonnesch wann et wouer soll sinn, datt d'UEFA (den europäesche Verband) de Lëtzebuenger Football ouni modern Arena vun den internationale Kompetitiounen ausschléisse géif...

Mee och wann der FLF hir gréisste Suerg zur allgemenger Satisfaktioun geléist géif ginn, Problemer bleiwe méi wéi genuch.

Keng finanziell zwar! D'Federatioun, déi een ouni Zweiwel mat enger klenger PME vergläiche kann – mat enger Administratioun vu 15 haaptberuffleche Mataarbechter, dräi professionellen a 17 nïewerberufflechen Traineren, mat 106 Veräiner an iwwer 32.000 lizenséierte Spiller – leeft op guddem Fouss. An hirem leschte Bilan huet d'FLF en Actif vu knapp 11,7 Milliounen presentéiert. Euro wuelverstanen! Eleng op de Banke leien 5.327.222 Euro. De Comité olympique, d'Daachorganisatioun vum Lëtzebuenger Sport, kann nëmme vun esou Chiffren dreemen, wéi hire Member FLF s'opweises huet. Wann dat esou ass, dann zu engem groussen Deel, well de Verband Joer fir Joer vun UEFA, FIFA, Sportministère an...COSL gutt zwou Milliounen Euro Subside kritt an och eng déck Millïoun vu Sponsoren ! Déi aussergewöhnlech Finanzen hunn iwwregens erlaabt, datt d'FLF am vergaangene Geschäftsjoer fir iwwer 660.000 Euro Subsiden a Material un d'Veräiner verdeele konnt, soudatt de Joresdefizit vun 231.000 Euro vu kengem Mënsch tragesch geholl gouf.

Houfreg duerf een och op den nationale Footballzenter zu Monnerech sinn, dee staark vun den internationale Verbänn matfinanzéiert gouf, an deen, nom rezenten Ausbau, eng ganz modern Allure huet.

Hannert deeër exzellenter finanzieller an infrastruktureller Situatioun verstoppen sech awer eng ganz Rei vu Problemer:

- DEN ABSOLUTE MANKTEM UN INTRESSI, deen d'Veräiner fir d'Liewen vun hirem Verband manifestéieren: net nëmme gouf et um ernimmte Kongress kaum eng Interventioun zu deenen eenzelnen

Aktivitéitsberichter; et gouf och keng eenzeg nei Kandidatur bei de Walen fir den Verwaltungsrot a fir den Opsiichtsrot resp. déi zwou Geriichtsinstanzen hunn esouguer fënnef Kandidature gefeelt. Et muss schonn allerhand passéieren, fir datt ee Club – wéi dat elo d'UN Käerjeng an deeër onméiglecher Affär vum Match géint de Racing Lëtzebuerg gemaach huet – den FLF-Responsabelen „abus de pouvoir“ virwërft!...

- **DEEN ËMMER MEI GROUSSEN DESINTRESSI** un eise sougenannten Elitefootball: wann Enn November den Escher Derby Fola-Jeunesse just nach 1231 Leit ugezunn huet, an eng Woch méi spéit an der Coupe deesewechten Duell nëmmen nach 697 (!!!), dann ass dat an eisen Aen bezeichnend! De Publikum léisst sech net duerch Paroule verblennen, mir hätten „e gudden, spannenden, attraktive Championnat“. Perséinlech waren, sinn a bleiwe mir der Meenung, datt eng Reorganisatioun vun der Meeschterschaft déck néideg ass. Mee den FLF President, deen als Nationaltrainer 15 Joer laang eng Konzentratioun vun der Elite reclaméiert huet, wëllt elo näischt méi dervu wëssen...
- **D'GESTIOUN VUN DER FOOTBALLSCHOUL**, déi ënnert der Presidentschaft vum P.Philipp vu siwen Deeg an der Woch op véier ofgebaut gouf, an iwwer déi een hannert der Hand ëmmer méi Kloen héiert. Paralell dozou gëtt et d'Divergenzen an der Jugendkommissioun. Oder ass et vläicht en Zoufall, datt siwe Membere vun deem Gremium déi vergaange Saison a kenger vun deene siwe Sëtzungen präsent waren. Deementspriedend waren d'Leeschungen um Terrain: An de leschten EM- Ausscheidungen hunn déi dräi FLF-Selektiounen U17, U19 an U21 hir véierzéng Matcher alleguer verluer!
- **DE CHAOTESCHE PARCOURS VUN DER NATIONALEQUIPE !** Dobäi war et mat deem exzellente Match géint Portugal an der WM-Campagne sou villverspriedend ugaangen. Mee ausgerechent d'Gläichspill an Irland huet déi éischt Diskussiounen opkomme gelooss. Den Nationaltrainer Luc Holtz hat en anere Match gesinn wéi d'Leit vun der Press (déi vun engem Hold Up gschwat haten) a gemengt, am Lëtzebuenger Football géifen et eben „Spezialisten a Journalisten“! Mol ofgesinn dervun, datt sportpress.lu gelungenerweis net op deen Affront reagéiert huet, hunn déi zwéi Matcher géint Israel

(0-6 an 0-3) eis Selektioun an hiren Trainer nees op de Buedem vun de Realitéiten zréck geholl. A wann een gewuer gëtt, wat nom Match an Israel alles am Vestiaire lass war, dann huet de Coach net nëmmen e Problem mat der Press, mee och mat senger Equipe. 't ass wouer, datt eenzel personell Entscheedungen, taktesch Optiounen a strategesch Orientatiounen vum Nationaltrainer net grad glécklech waren. Ob all déi Saachen zesummen och d'Ursaach sinn, datt dem Luc Holtz seng Zukunft (iwwer 2013 eraus) onsécher ass? Trotz sengem wierklech gudde Bilan zënter 2010 huet en an der Zeitung gelies (Wort vum 16.November), datt säi President der Meenung ass, datt et **„noch etwas früh (ass), um Gespräche zu führen“....**

Télécran 2/ vum 5. Bis 11. Januar 2013